Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°1259 haten d'Ministere mir Donnéeë geliwwert zur Unzuel un Infraktiounen op verschiddene Plazen hei am Land. Zu Réimech gouf viru kuerzem op Kamera festgehalen, wéi zwee Kläpper eng aner Persoun zesummegeschloen, um Buedem mat Féiss getrëppelt an him seng Wäertsaache geklaut hunn. Mir goufen och Zeieberiichter vun engem anere Fall zougedroen, an deem Persoune mat Waffen zu Réimech geschoss sollen hunn. Dës Beispiller sinn nëmmen zwee vu villen, déi op verschiddene Plazen hei am Land all Dag stattfannen.

D'Situatioun am Land schéngt sech allgemeng net ze berouegen. De Rekrutement vu méi Poliziste soll d'Schlagkraaft vun der ëffentlecher Hand verstäerken, fir dass de Rechtsstaat weiderhi beschtméiglech funktionell bleift. Ob dat awer duer geet, bleift ofzewaarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung den nämmlechten Tableau virleeën, wéi an der Äntwert op d'Fro n°1259, dëst fir d'Joren 2019 bis 2022 fir d'Gemengen Réimech, Esch/Uelzecht, Lëtzebuerg (Stater Gare eenzel), Déifferdeng, Péiteng, Dikrech, Ettelbréck a Wooltz?

2. Huet d'Justiz Donnéeën iwwert d'Widderhuelungstäter bei Infraktioune wéi Déifstall, Iwwerfäll an Uwendung vu Gewalt? Aneschters gefrot, a wéi ville Fäll hu scho verurteelt Persounen an deene leschten 10 Joer op mannst eng Recidive fir Déifstall, Iwwerfäll a Gewalt begaangen?

3. Hunn d'Ministere Kenntnis dovunner, ob zu Réimech an de leschte Méint Fäll vun illegale Waffegebrauch passéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten